



ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire



Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 7. Mee 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Kommunikatiounsminister weiderzeleeden.

Op ville Plazen ass am Abléck eng Reklammscampagne vum ëffentlech-rechtleche Radio 100Komma7 ze gesinn. An där Campagne gëtt och mat de Porträte vun zwee aktive Majoritéitspolitiker geschafft. Dës Initiative vun engem Pressorgan, daat u Prinzipien wéi de Respekt vum politesche Pluralismus gebonnen ass, an, wann et d'Vertraue vu senge Nolauschterer net wëll verléieren, och eng gewësse Neutralitéit an Objektivitéit muss fleegen, féiert mech dozou, dem Här Kommunikatiounsminister dës Froen ze stellen:

1. Ass den Här Kommunikatiounsminister der Meenung, datt en ëffentlech-rechtlech Pressorgan zu gréisster politescher Objektivitéit an Ausgewogenheet verpflichtet ass, an daat esou wuel a senger Berichterstattung wéi och an deem Bild, dat et an der Ëffentlechkeet weist?
2. Gesäit den Här Kommunikatiounsminister an där aktueller Plakatcampagne vum 100Komma7, déi mat de Photoe vun zwee aktive Politiker aus der Majoritéit operéiert, dee Prinzip respektéiert? Besteet net de Risiko, datt mat esou Kampagnen éichter Reklam fir verschidde Politiker gemaach gëtt, wéi fir de sozio-kulturelle Radio?
3. Gedenkt den Här Kommunikatiounsminister, bei der Direktioun vum Radio 100Komma7 ze intervenéieren, z.B. iwwer de Regierungscommissaire bei dem Radio, fir datt dat Pressorgan de Prinzip vun der politescher Ausgewogenheet och a senger Reklammscampagne respektéiert?
4. Wäer der Regierung hir Positioun an där Fro déi selwecht oder aanecht, wann esou eng Plakatcampagne och nach géng zäitlech an eng Wahlkampagne falen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et
secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 mai 2017

Objet : Question parlementaire n° 2966 du 07.05.2017 de Monsieur le Député Fernand
Kartheiser

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un
mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Mars Di Bartolomeo
Président de la Chambre des Députés